N° 7749
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.03.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Eng rezent Etüd vum renomméierte Fuerschungsnetzwierk Cochrane ass zur Conclusioun komm dass Masken am Kampf géint de Coronavirus „wéineg bis guer näischt" notzen. D'Fuerscher hunn dofir net manner wéi 78 Etüden ënnert d'Lupp geholl, dorënner Aarbechten iwwert den Influenza-Virus an iwwer de Sars-CoV-2-Virus. D'Fuerscher sinn zur Conclusioun komm dass d'Droe vun de Masken an der Populatioun héchstens ee „ganz klénge oder esouguer iwwerhaapt keen" Afloss op d'Verbreedung vu Krankheete wéi d'Gripp oder de Coronavirus huet. Ob Masken iwwerhaapt kënnen eng Schutzfunktioun hunn, muss dréngend weider ënnersicht ginn, esou nach d'Auteuren.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi reagéiert d'Santé op d'Conclusioune vun der Cochrane-Etüd iwwert d'Droe vun de Masken?
2. Vu dass de Notze vun de Maske méi wéi jee a Fro gestallt ass ("wéineg bis guer näischt"), wär et dowéinst net opportun fir d'Maskeflicht am Gesondheets- a Fleegesecteur falen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**